Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , , , , , , , , , den 03/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Am Moment leeft de Projet vun der Couverture universelle, mat dem et jiddwerengem hei am Land soll méiglech sinn, bei den Dokter ze goen, och wann hien duerch eng prekär Situatioun net bei der Sécurité sociale ofgeséchert ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit ginn all Joer, gekuckt op déi leschte 5 Joer, an d'Urgencen ouni bei der CNS affiliéiert ze sinn? A wéi hunn dës Zuelen an dem genannten Zäitraum evoluéiert?

2. Wéi vill vun dem dofir virgesinne Budget gouf bis elo verbraucht?

3. De Projet soll Enn 2022 evaluéiert ginn. Wéini soll des Evaluatioun ofgeschloss sinn? A wäerten d'Ministeren d'Resultat vun dem Projet der Chamber presentéieren?

4. Wéi ass déi aktuell Aschätzung vun de Ministeren iwwert den Erfolleg oder Mësserfolleg vum Projet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT
Sven

Député